

misse matdeelen, wou a wéini a wéi dës Institutioun Container geplënnert gëtt.

Hei si mer manifestement an engem net iwwergräifenden Zäitplang, esou wéi en awer ugekënnegt ginn ass a Saache Baute-politik. Dës aktuell Struktur hëlleft sécher-lech punktuell e puer Leit an extremer Misär, mä si fonctionnéiert schlecht faute de moyens en personnel et en infrastructures.

Här President, ech géif gären ofschléissend dem Bauteminister de Message matginn, datt d'Regierung gutt berode wier, esou séier wéi méiglech en nationaalt kohärent Konzept ze presentéieren, a matzedeele, a wéi enge Gemengen e Centre d'accueil virgesinn ass a wéi si sech d'Informatioun un d'Bierger an un d'Biergerinne virstellt.

Dës Recommandatiounen gemaach, fanne mir dee Projet vum LTPS vun haut gutt pre-paréiert, flott, mir fannen e kohärent, en ass IVL-gerecht, en ass energiepolitesch kor-rekt, en ass pedagogesch sënnvoll, an duerfir stëmme mir dëse Projet mat.

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Loschetter Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Merci, Här President. Fir d'éischt meng Mercien un de Rapporteur, den Här Kaes, deen a ganz treffenden an detailléierte Wieder d'Noutwendegkeet vun deem Pro-jet hei ervirgestrach huet an och gesot huet, datt et e wichtige Projet ass, well mer elo schonn dräi an en halleft Joer drop waarden, fir eng Léisung, fir en neit Gebai ze kréien. Et wäert och nach eng Zäitchen daueren, bis dat Gebai do steet, well zënter dem Januar 2003 ass e Provisorium virge-sinn an en fonction. Ganz oft seet een: «Il n'y a que le provisoire qui dure.» Duerfir sinn ech frou, datt mer haut kënnen dee Pro-jet hei stëmmen.

Nach muss ee soen, datt déi 433 Schüler awer wäerte mat e puer Problemer kon-frontéiert sinn. Ee vun deenen ass jo och am Rapport ugeschwat ginn, dat ass, datt vill vun deene Schüler och nach Studentewun-nenge sichen an déi och brauchen, wou se kéinten an der Géigend ënnerdaach kommen.

Dann ass ee Problem, deen awer och vun e puer Riedner hei ugeschwat ginn ass. Dat ass de Problem vum Site selwer. Meng gréng Virriednerin huet virdru gesot, datt d'Leit, d'Schülerinnen an d'Schüler munnech Knaschtereien an den Tankstelle kéinte kafen.

Wat ech éischer fäerten, dat ass, datt se op deem neie Site, wa vis-à-vis e Centre d'ac-cueil pour toxicomanes ass mat enger Fixerstuff an engem Centre d'hébergement mat 58 Better - anscheinend sinn dat déi Zuelen, déi an der Diskussioun sinn -, da riskéieren eventuell och nach aner Saachen ze kafen, déi vill méi schlëmm sinn, well se mëtten am Drogenzentrum dra sinn a just vis-à-vis déi Infrastruktur do hunn.

Ech muss éierlech soen, datt ech heiansdo d'Stad Lëtzebuerg net verstinn, wa se justem-ent dee Site op där Plaz do proposéiert, mëtten am Quartier résidentiel. An duerfir mengen ech ass d'Regierung awer och ge-fuerdert, fir mat der Stad Lëtzebuerg ze kucken, ob et net aner Méiglechkeete gëtt, en anere Site gëtt.

Ech wollt hei just nëmmen d'Problematik opwerfen. Et wier gutt wann Der vläicht, Här Bauteminister, kéint mat Ärem Kolleeg vun dem Transportministère schwätzen. Et ass och nach d'Méiglechkeet, fir esou e Centre d'accueil ze bauen um Parking vun der CFL no bei der Bréck; do wiere vill manner Pro-blemer fir déi ganz Infrastruktur ënnerdaach ze bréngen.

Dat gesot, wëll ech nach eng Kéier den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Henckes Merci an elo huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Bauteminister Claude Wiseler.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Tra-vaux publics.** - Merci, Här President. Ech wëll ufänken andeem ech d'Madame Delvaux haut de Mëtten entschëllegen. Si wollt hei sinn. Duerch déi tragesch Évène-

menter zu Reims huet se awer drop gehalen, selwer dohinner ze fueren. An ech mengen, Dir verstitt dat all, wa se de Mëtten net hei ass. Ech soen also déi Wieder, dat wat ech elo hei soen, fir si mat an an hirem Numm och.

Hei ass ee vun deene ville Projeten, déi mer amgaang sinn ze maache fir d'Éducation nationale. Ee vun deene ville Projeten, déi mer, fir deene grouse Besoinë gerecht ze ginn, déi mer duerch d'ganz Land hunn, fir all déi Formatiounen hinzekréien, déi mer wëllen ubidden, brauchen.

Et ass och e Projet, esou wéi en elo gemaach gëtt, deen dem Plan sectoriel entsprécht; deen och do virgesinn ass mat deem Konzept, datt mer déi hei Forma-tiounen, wat jo ganz spezifesch Forma-tiounen sinn, net iwwerall kënnen ubidden, mä awer och net wëlle just op enger Plaz, zentral ubidden, mä op dräi Plazen duerch d'Land wëllen ubidden: zu Esch, an der Stad Lëtzebuerg an an der Nordstad - loosse mer eis emol esou ausdrécken.

Dat fannen ech och wichteg, well dat och zu engem Deel deem entsprécht, wéi mer eis Soinen organiséieren, an dofir mengen ech ass dat Konzept schonn e richtig Konzept. Dat heescht och, datt mer wëllen an deenen nächste Joren op deenen anere Plazen, no-tamment an der Nordstad - dat ass schonn ugeschwat ginn -, mä notamment awer och zu Esch, déi ganz Formatiounen an aner Gebaier kréien. Et ass noutwendeg.

Mir sinn nach net, notament an der Nord-stad, notament zu Ettelbréck, definitiv fäerdeg. Et sinn eng Rei Projeten, Proposi-tiounen, déi amgaang sinn op hir Faisabi-litéit analyséiert ze ginn, an d'Regierung, de Bauteministère ass deen Éischten, dee Jo dozou seet, wa mer e Projet fannen, deen da faisabel ass, dee machbar ass an och deene Konditiounen vun haut entsprécht.

Ech wëll dann hannendru soen, datt ech gutt nogelauschert hunn, och wat haaptsächlech d'Madame Loschetter iwwert d'Architektur an iwwert déi peda-gogesch Konzepter, déi sech an der Archi-tektur ausdrécken, gesot huet. Ech hunn am Fong net vill do hannendru ze soen, well et ass richtig, datt ee vun de grouse Soucien ass, dee mer an deene leschte Joren hunn, datt mer fir dat, wat mer wëllen op dem Ter-rain ëmsetzen, déi pedagogesch Kon-zepter, déi mer gär hätten, och déi architek-tonesch Forme brauchen oder kucken ze kréien, déi mer dofir brauchen.

Architektur kann eng Aart a Weis bedeiten, wéi ee leeft. Architektur kann dat dohinner-setzen, wat ee wëllt am pedagogesche Konzept och erreechen. Dat maache mer hei, probéiere mer och op anere Plazen ze maachen. Wa mer dat dann och nach hikréien zu engem korrekte Präis, esou wéi dat hei de Fall ass, desto besser.

Dir hutt et besser beschriwwen, Madame Loschetter, wéi ech dat kéint, wat alles hei fir Effortë fir den Niddregenergiebau gemaach gëtt. Dir sidd net 100%eg zefrid-den, mä Dir hutt awer schonn zouginn - an domat sinn ech da schonn zefridden -, datt mer extrem vill Efforten hei gemaach hunn. An déi Effortë sollen net nëmmen hei, mä och op alle Projeten, déi mer an Zukunft wëlle maachen, weidergefouert ginn.

De Problem vum Site ass och ugeschwat ginn. Ech mengen, dëse Site, esou wéi mer en heierausgesicht hunn zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, par ailleurs scho virun enger Rei Joren, scho vun der fréierer Edu-catiounsministesch, déi elo am Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg ass, ass e Site, deen net als Site fir d'Implantatioun vun esou engem Lycée Schwieregkeete stellt, well en am Fong no de Charakteristiken, wéi enerausgewielt ass, extrem konform ass zu deem, wat mer mat de Schoule wëllen. Well en einfach no bei alle Verkéiersméiglech-keeten ass. Well en einfach déi Accessibi-litéit huet, déi mer brauchen. A well - dat muss ech dann awer och dobäi soen - en zu enger Quartiersliewensverschëinerung - well wann Der dee Projet kuckt, ass et e schéine Projet - wäert substanzéiell bäidroen.

Fuert emol eng Kéier bei der Gare iwwert d'Bréck, kuckt lech u wat elo do ass, verhaalt dat gutt a fuert a fénnef Joer dodriwwer. An da soen ech lech, dat wäert e ganz grouse Qualitéitsfortschritt sinn, an dofir si mer mat der Stad Lëtzebuerg eens, fir och op deem Wee do weiderzegoen.

Dann hunn ech eppes net verstanen, an deem wat deen een oder anere vun deenen, déi hei Riede gehalen hunn, gesot huet. Dat ass, datt mer elo keng Sportsinfrastrukturen dobäi hätten. Dat ass net richtig.

An deem Projet ass e gréisseren Turnsall mat a sech zwee gréisseren Terrainë ganz einfach dran, wat dann och deene Besoinen entsprécht, déi mer fir d'Turnen zumindest op deem do Site hunn. Et ass einfach dran,

dofir wëll ech déi Informatioun schlicht als Informatioun weiderginn a richtigstellen.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Dee leschte Punkt, dat ass deen, wéini kënnen mer ufänken, verbonne mat där Pro-blematik vum Foyer fir Toxicomanes sans domicile, wat keng einfach Problematik ass. Ech kennen déi nach aus fréiere Joren, wou ech Sozialschäffen an der Stad Lëtzebuerg war an dofir och ganz enk deen Opbau vun deene Containeren, déi haut dostinn, sui-véiert hunn.

Ech kann lech elo net op all déi Basisfroen äntwerten, déi Der zum Programm fir Toxi-comanie gestallt hutt, well dat ganz einfach net mäi Ressort ass. Déi Froe wäert ech wei-derginn, sécherlech un de Gesondheets-minister.

Ech soen awer hannendru, datt et ganz kloer a mengen Aen ass, datt muss eng Alternativ do sinn, éier mer déi Containeren, déi elo dostinn, ewechhuelen. Well ech ka mer net virstellen, datt mer ouni Alternativ géifen dat einfach ewechhuelen. Well et einfach a mengen Aen eng Infrastruktur ass, déi mer brauchen an där doter Géigend. Ech mengen, dat ass ganz kloer.

Et ass och an Tëschenzäit - Madame Loschetter, Dir wësst dat, well Der jo awer och an Ärer anerer Fonctioun Member vum Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg sidd - eng Plaz fonnt ginn, déi contestéiert ass, mä trotzdem eng Plaz fonnt ginn, tëschent dem Gesondheetsministère zesumme mat der Stad Lëtzebuerg, wou och den Travaux-publics-Ministère an Zwëschenzäit eng ganz Rei Pläng fäerdeg gemaach huet, wéi dann esou e Foyer pour toxicomanes kéint ausgesinn a wéi mer en op där Plaz, vis-à-vis vun de Containeren, déi elo dostinn, kéinten ariichten.

Mir hunn och mat der Stad Lëtzebuerg ofgemaach, datt de Gesondheetsminister an den Travaux-publics-Minister zesumme mat der Stad Lëtzebuerg wäerte sur place goen, well et eis logesch an normal schéngt, datt mer de Leit, déi dat inte-resséiert, och genau virstellen, wat sollt ge-maach ginn, an haaptsächlech wéi et sollt duerno an der Praxis och funktionéieren. Et ass wichteg, datt dat erkläert gëtt. Et ass wichteg, datt dat transparent gëtt, an et ass och wichteg, datt d'Leit genau wëssen, wat d'Autoritéite wëlles hunn op där Plaz ze maachen.

Dat als provisoresh Äntwert zu deem Dossier.

Ech mengen, datt mer esou eng Struktur brauchen, an ech mengen, datt mer net kënnen déi, déi elo provisoresh do ass, ewechhuelen, wa mer keng aner Alternativ hunn, fir all déi Problemer, déi déi Leit hunn, ze bewältegen; déi, déi elo sur place sinn.

Ech soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

(**Interruption**)

Bon, mir reportéieren de Vote op méi spéit, well d'Écranen hei net richtig funktionéieren.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5691, de Protokoll zum Ofkommen iwwert d'Schafung vun der Commission Internationale pour le Service International de Recherches. Den honorabelen Här Ben Fayot als Rapporteur huet d'Wuert.

6. 5691 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur la modification de l'Accord instituant une Commission Internationale pour le Service International de Recherches, signé à Berlin, le 26 juillet 2006

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Dé-fense, de la Coopération et de l'Immi-gration

» **M. Ben Fayot** (LSAP), rapporteur.- Här President, 1943, nach mëtten am Zweete Weltkrich, gouf zu London e Such-déngscht, e Bureau de recherches am Ka-der vum Roude Kräiz agericht, an dee Ser-vice huet deemools schonn ugefaangen déi Milliounen vu Leit, déi déplacéiert oder dout waren, ze sichen an ze enregistreieren.

1945 hunn déi Alliéiert an Däitschland riseg Archive fonnt, well jo bekanntlech den Nazi-Stat a senger Grëndlechkeet alles opge-zeechent huet, all Grausamkeeten opge-zeechent huet an a Karteie festgehalten

huet. D'alliéiert Forcen hunn och dozou nach 1944-45 ganz besonnesch Recherchen iwwer Zwangsaarbechter a Ré-fugiéen an Zentraleuropa ënnerholl.

1946 gouf de Bureau de recherches defi-nitiv zu Bad Arolsen an Däitschland instal-léiert, wou en haut nach ass. Firwat Bad Arolsen? Well en do am geographeschen Zentrum vun Däitschland war, dat jo be-kanntlech deemools a véier Besatzungs-zonen agedeelt war, an e krut och do den heitegen Numm „Service International de Recherches“, op Englesch „International Tracing Service“ an op Däitsch „Interna-tionaler Suchdienst“.

1955 goufen zu Bonn Accorden zwëschent néng Länner, nämlech der Belsch, Frankräich, der Bundesrepublik, Israel, Italien, Lëtzebuerg, Holland, Grouss-britannien an de Vereenegte Staten ofge-schloss. Déi Accorden hunn eng interna-tional Kommissioun geschaf, an där déi néng Länner vertratt sinn. D'Direktioun an d'Verwaltung dovunner gi vum Internatio-nale Comité vum Roude Kräiz assuréiert an d'Bundesrepublik bezilt d'Aarbechte vum „Service International de Recherches“. 1956 kour dann nach Griichenland derbäi, an am Joer 2000 Polen.

Dir gesitt un där Zuel vu Länner, eelef, an och un der Qualitéit vun deene Länner, dass all déi Länner, déi vum Krich betraff waren, net alleguerten dra sinn, well jo och 1947 de Kale Krich ugaangen ass. Dat hänkt mat der Deelung vun Europa zesummen, déi bis 1990 gedauert huet. Et sinn also nach vill Archiven a Länner, déi net vun deem Such-dienst do erfaasst goufen.

De Suchdienst huet 60 Joer laang geschafft an Informatiounen iwwer folgend Gruppe vu Leit ginn: Leit, déi an de KZer an Däitschland an an de besetzte Gebidder zwëschent 1933 an 1945 waren, deportéiert Judden, Zwangsaarbechter am Räich zwëschent 1939 an 1945, déplacéiert Leit a Flüchtlingen, Kanner, déi zwëschent 1927 an 1945 gebuer goufen a vun hiren Eltere getrennt goufen.

Den „Service International de Recherches“ huet e Fichier vu 47 Milliounen Fichen, déi Accès ginn zu Dokumenter iwwer 17 Mil-liounen verfollegt Zivilisten. An nach haut, méi wéi 60 Joer nom Enn vum Krich, kritt deen „Service International de Recherches“ nach all Joer 10.000 Demanden no Informatiounen iwwer vermësste Leit. 10.000 all Joer!

30 Milliounen Dokumenter leien zu Bad Arolsen, déi eng phantastesch Dokumen-tatioun iwwert d'Verbriche vun den Nazien duerstellen. Déi Dokumenter konnte bis elo nëmme vun den Opfer selwer, esou wäit wéi se dat nach konnten, oder hirer Famill consultéiert ginn. D'Fro war laang, wéi dann déi Dokumentatioun kënnt fir d'Recherche historique zougängeg gemaach ginn. Et ass laang dorunner kalennert gi wéi dat maachen, well jo eng grouss Schwierigkeet bei deenen Dokumenter besteet, si bezéie sech op Persounen a si bezéie sech op Donnéeën, ganz intim Donnéeën, ganz per-séinlech Donnéeën, déi och oft nach gefälscht sinn, iwwert déi Persounen, well dat si jo Donnéeën, déi oft vun den Nazie selwer komm sinn an also och verdréit gi sinn.

Dunn am Mee 2006 huet déi international Kommissioun an hirer jährecher Sitzung zu Lëtzebuerg en Auswee fonnt, deen doranner besteet, dass all Land, wat ebe Partie vun deenen Accorden ass, also déi eelef Länner, eng eenzeg Kopie pro Land natierlech vun deenen Archivfonge ka kréien, déi elo zu Bad Arolsen leien. A well deen Accord fonnt ginn ass, muss natier-lech elo deen Accord vun 1955 geännert ginn, an et ass dat wat mer haut mat dësem Projet de loi maachen.

Déi Dokumenter kënnen natierlech net einfach fotokopéiert ginn, si sinn amgaangen numériséiert ze ginn, dat heescht infor-matesch opgeholl ze ginn. Dat soll bis 2011 fäerdeg sinn, wat dann natierlech net nëmmen erlaabt, déi original Dokumenter ze schützen, déi extrem friabel an extrem schwéier ze handhabe sinn, mä och d'Re-cherche an där Dokumentatioun ze vereinfachen.

An der Sitzung vun der internationaler Kom-missioun zu Amsterdam elo am Mee, de 14. an de 15. Mee 2007, hunn aacht Länner ugemellt esou eng Copie numérique ze kréien. De Lëtzeburger Vertrieeder an der internationaler Kommissioun, den Här Paul Dostert, deem ech iwwregens vun hei aus wëll Merci soe fir seng Informatiounen a seng Mataarbecht bei der Behandlung vun dësem Dossier an der Kommissioun, huet ons an der Kommissioun erkläert, firwat Lëtzebuerg net ënnert deenen aacht ass, dat heescht, Lëtzebuerg huet fir den Abléck keen Usproch op esou eng Kopie vun där Dokumentatioun.

Esou eng Kopie huet nämlech, wa se fäerdeg ass - ech soen lech elo Saachen, déi mech dépasséieren -, sechs bis acht Tera-bytes, also 10¹², woubäi een Terabyte dau-send Milliarden duerstellt, wat géif bedéngen, wa Lëtzebuerg esou eng Kopie kréich, natierlech een extraen Informatiker ze engagéieren, fir esou eng Kopie ze behandelen, an natierlech och e Service an e seriöen Element vu Stockage an-zeriichten, wou mer déi Informatiounen do kënnten ënnerbréngen a wou se och da kënnte vun de Chercheure consultéiert ginn.

Natierlech ka Lëtzebuerg nach ëmmer op déi Décisioun zrëckkommen - ass ons gesot ginn -, a wann d'Numérisatioun fäerdeg ass vun all där Dokumentatioun, da kënnen allerdéngs och d'Lëtzebuerger Chercheuren nach ëmmer op Bad Arolsen recherchéiere goen. Si kënnen och zu Bréissel - d'Belsch huet och eng Kopie gefrot - an zu Paräis déi Dokumenter consultéieren.

Et ass also fir den Abléck eng, mengen ech, verstänneg Approche, fir éischtens emol ofzawaarden, bis déi Numérisatioun fäerdeg ass, an dann och ze kucken, wéi d'Demande ënnert de Chercheuren ass, fir déi Dokumentatioun anzegesinn. Natierlech muss een och wëssen, dass och nach ëmmer eng seriö Fro, wat d'Protektioun vun den Données personnelles ugeet, do ass, an de Statsrot huet a sengem Avis ënner-strach, dass onst Gesetz vun 2002 iwwert d'Protection des données à caractère per-sonnel sech géif applizéieren, wann dann emol esou eng Kopie zu Lëtzebuerg wär.

Dat waren, Här President, e puer Donnéeën zu engem Projet, deem a sech eigentlech eng reng Formsach ass, mä deem awer op eng Partie Elementer hiweist, déi d'Mémoire vun Europa, och d'Mémoire vun onsem Land betreffen. An ech menge schonn, dass et derwäert ass, fir dat am Kapp ze be-halen, wat an där Mémoire ass, och fir d'Zukunft.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den Här Goerens huet d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här Pre-sident, Dir léif Kollegeen, den Här Fayot huet opgehal mat der Remarque, et wier eng reng Formsach, an dat zum Ofschloss vun engem ganz gudde Rapport, fir deem ech him d'ailleurs Merci soen.

Hie leet hei de Fanger op eng Wonn, an et ass wichteg, dass dat gemaach gëtt, well dat wat à la fin du compte bleift, fir dem Négationnisme ze opposéieren, dat si ganz zolidd etabliéiert historesch Fakten. De Culte mémoriel geet a sech net duer, well d'Mé-moire ass a sech défaillante, si eliminéiert, si vergësst, si léisst Saachen duerchgoen, si ass selektiv; par contre d'historesch Fakten, dat sinn etabliéiert Fakten, déi net méi kënnen diskutéiert ginn.

Zu den historesch etabliéierte Fakte ge-héieren zum Beispill d'Nürnberger Akten. Elo kann ee soen: Do gouf et nëmmen e puer, an déi 30 Inculpationen an e puer an déi 20 Condamnatiounen, dat geet bei Wäitem net duer, fir de Victimë vum Zweete Weltkrich Gerechtegkeet widderfueren ze loossen. Dat stëmmt. Mä et geet awer ëmmerhin duer, fir en Ufank vu Geschichts-schreiwung ze maachen. Deen Effort ass deemools ugaangen, en huet sech weider-entwëckelt, an et si Gott sei Dank nieft deene legale Weeër, fir Archiven zesum-men-zesetzen, och eng Partie illegal Weeër gewielt ginn.

Ech erënneren zum Beispill un déi phantas-tesch Aarbecht, déi de Centre de documen-tation juvre contemporaine, deem zu Paräis am Marais an der Rue Geoffroy l'Asnier eta-bliéiert ass, nom Krich gemaach huet, well en engersäits d'Hand geluecht huet op eng Partie Naziarchiven, déi soss warschein-lech eliminéiert gi wieren, an och op d'Archive vum Vichy-Regime.

Firwat ass dat wichteg gewiescht? Mä ënner anerem konnt virun eppes manner wéi 20 Joer de Klaus Barbie opgrond vun Dokumenter, vun Originalpiécen, déi de Centre de documentation juvre contempo-raine zesummegedroen hat, condamnéiert ginn.

Dat hei ass also souwuel gutt fir engersäits de Victimë gerecht ze ginn, anerersäits dem Négationnisme ze opposéieren. An ech fannen et och gutt, dass Lëtzebuerg en Accès kritt, aus deene Grënn.

Ech kann dem Här Fayot dat net falsch maachen, dass et net méiglech ass, fir elo hei am Land déi Datefluten do alleguer ze meeschteren. Wichteg ass, dass mer deem

Accès behalen. A wichteg ass, dass mer och eng Partie Lacunen, déi et an deenen dote Recherchë leider nach ëmmer gëtt, kënne komplettéieren.

Et wier och gutt - an ech mengen, haut ass vläicht net Zäit dofir -, dass mer eis eng Kéier an der Kommissioun géifen driiwwer ënnerhalen, wéi een am Fong kéint eis Informatiounsquellen, déi mer an där Hisiicht hunn, alleguer matenee vernetzen, fir un déi Donnéeën ze kommen, déi gebraucht ginn. Ech erënneren drun, dass zum Beispill d'Freie Universität Berlin och elo Dépositaire ass vu sämtleche Piécen, déi de Steven Spielberg iwwert d'Joren zesummegedroen huet; och dat erëm eng Kéier als Lutte géint d'Vergiessen. Dat si fest etabléiert Témoignagen.

An deem Sënn ass dat, wat hei elo op engem legale Wee gemaach gëtt, absolut ze ënnerstëtzen, an duerfir bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Wa soss kee méi eppes bäize-fügen huet a jiddfereen d'Ausféierunge vum Här Fayot a vum Här Goerens deelt, da kënne mer zum Vote vun dësem Projet kom-men.

(Interruptions)

Neen, mir stëmmen elo deem heite Projet.

(Interruptions diverses)

Dann, jo, vu dass d'Elektronik de Vote iwwert de Projet iwwert d'Professions de Santé, iwwert de Lycée technique pour Pro-fessions de Santé uweist, stëmme mer deem och.

7. 5678 - Projet de loi relatif à la construction d'un Lycée technique pour Professions de Santé à Luxembourg (suite)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5678 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Michel Wolter), Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Christine Doerner), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Alexandre Krieps), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung

live an integral

mat enger Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un

8. 5691 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur la modification de l'Accord instituant une Commission Internationale pour le Service International de Recherches, signé à Berlin, le 26 juillet 20 (suite)

Mir kommen dann zum Vote iwwert de Pro-jet, deem den honorabelen Här Fayot eis elo just exposéiert huet, de 5691.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5691 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Laurent Mosar), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Michel Wolter), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel (par M. Emile Calmes), Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Charles Goerens), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

9. Demandes en naturalisation

Als nächste Punkt, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer op eiser Dagesuerdnung d'Naturalisationen. Duerfir muss ech de Huis clos ausspriechen. Ech géif d'Regie-rung bieten, sech zrëckzezéien.

(Le huis clos est prononcé à 16.26 heures.)

(Le huis clos est levé à 16.29 heures.)

Déi öffentlech Sitzung geet weider, zwar net méi ganz laang, mä si geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 79 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat fënnef Ännerunge vum Numm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en natu-ralisation adoptées par la Chambre des Députés le 14 juin 2007

- ADRIAS Melody, née le 2 mai 1967 à Siniloan/Laguna (Philippines), demeurant à Differdange
- AJDARPASIĆ Ramzija, né le 25 janvier 1968 à Vrševo (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Canach
- BALIĆ Belka, née le 15 octobre 1968 à Zminac (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Canach
- AIHI Mohamed, né le 27 décembre 1969 à Ouarzazate (Maroc), demeurant à Moutfort

Jeudi,
14 juin 2007

SÉANCE
38

5. AMORIM DA SILVA Samuel Luís, né le 2 juillet 1984 à Louredo/Póvoa de Lanhoso (Portugal), demeurant à Steinfort

6. BERGIN Sabrina, née le 20 août 1984 à Saarburg (Allemagne), demeurant à Lellig

7. BISCHOF Birgit Cäcilia Wilhelmine, née le 19 juillet 1955 à Quierschied (Allemagne), demeurant à Heisdorf

8. BOGUSCHEWSKI Monika, née le 16 janvier 1962 à Schönberg (Allemagne), demeurant à Mullendorf

9. BOUKHARROUBA Said, né le 16 février 1970 à Hussein (Algérie), demeurant à Rumelange

10. BRENDT Doris Katharina, née le 9 janvier 1940 à Düsseldorf (Allemagne), demeurant à Fischbach/Mersch

11. CHEN Qianhui, née le 8 novembre 1984 à Qingtian/Zhejiang (Chine), demeurant à Luxembourg

12. CHOUCHANE Faïçal, né le 11 août 1955 à Ksibet El Mediouni (Tunisie), demeurant à Merscheid

13. BOURAOUI Amna, née le 11 mai 1957 à Ksibet El Mediouni (Tunisie), demeurant à Merscheid

14. CLOESEN André Philippe, né le 8 juin 1965 à Liège (Belgique), demeurant à Strassen

15. LEMAIRE Sylvie Yvonne, née le 18 avril 1969 à Liège (Belgique), demeurant à Strassen

16. CUNHA Paula Maria, née le 12 octobre 1977 à Metz (France), demeurant à Trintange

17. DEDE Ali Baba, né le 18 décembre 1983 à Dinka (Soudan), demeurant à Luxembourg

18. DELFINO Michele, né le 14 janvier 1952 à Minervino Murge/Bari (Italie), demeurant à Luxembourg

19. DE RUYVER Monique Berthe Marie, née le 4 juillet 1957 à Berchem-Saint-Agathe (Belgique), demeurant à Leudelange

20. DOMINGUES DA SILVA MOREIRA Orlando, né le 4 avril 1968 à Lavra/ Matosinhos (Portugal), demeurant à Pétange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de MOREIRA Orlando.

21. DONG Zhongming, né le 8 septembre 1979 à Zhejiang (Chine), demeurant à Goetzingen

22. DZOGOVIĆ Elvis, né le 29 novembre 1985 à Peć (Serbie-et-Monténégro), de-meurant à Rodange

23. EGOVORA Marina, née le 20 février 1970 à Tcheboksary (Russie), demeurant à Esch-sur-Alzette

24. EHDAIE Farhad, né le 7 janvier 1961 à Téhéran (Iran), demeurant à Strassen

25. ELSÉN Anna Katharina, née le 12 mai 1963 à Dasburg (Allemagne), demeurant à Kalborn

26. EL OUARRAK Maria, née le 27 mai 1981 à Marrakech (Maroc), demeurant à Strassen

27. EMPAIN Gilbert Roger, né le 3 mai 1956 à Ixelles (Belgique), demeurant à Lasauvage

28. FISCHER Angela, née le 12 juin 1979 à Kaufbeuren (Allemagne), demeurant à Sandweiler

29. FONSECA LIMA Carlos Alberto, né le 9 mai 1962 à Nossa Senhora da Luz/São Vicente (Cap-Vert), demeurant à Howald

30. FONTANAUD Bernard André, né le 29 décembre 1969 à Saint-Junien (France), demeurant à Weiler-la-Tour

31. GABRIEL Céline, née le 18 février 1976 à Köln-Ehrendfeld (Allemagne), demeurant à Wiltz

32. GASHONGA Sandrine, née le 12 juillet 1977 à Nyarugenge/Kigali (Rwanda), de-meurant à Soleuvre

33. GORGINPOUR Shararéh, née le 5 juin 1972 à Chiraz (Iran), demeurant à Mondorf-les-Bains